PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Am Mee 2016 huet den Dieter Ewringmann am Optrag vum Ministère fir Nohalteg Entwécklung eng Etüd iwwert den Tanktourismus veréffentlecht. An dëser Analyse huet de Professer fir Finanzwëssenschafte festgestallt, dass den Tanktourismus Lëtzebuerg méi kascht, wéi en eis u Recetten abréngt. 3,5 Milliarden u järleche Käschte stoungen 2,1 Milliarden un Einname géigeniwwer.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Studie vun 2016 gouf och gekuckt, wat den Ausstouss vun CO2 eist Land kascht. Deemno soll 2010 eng Tonn CO2 ronn 120€ Ëmwelt- a Klimakäschte veruersaachen (woubäi de Präiss haut natierlech ee gudd Stéck driwwerläit).
   Op Basis vun der Rechnung aus der Etüd, wéi schätzt d'Regierung d'Käschtenentwécklung zënter 2010 an?

2. Wéi vill CO2-Zertifikater misst Regierung kaafen, fir d'Emissiounen aus dem Tanktourismus ze kompenséieren a wat fir zousätzlech Käschten géing dat fir d'Staatsausgabe bedäiten?

3. Existéiere Studien, déi analyséiert hunn wéi vill den Tanktourismus déi betraffe Gemenge kascht (zum Beispill d'Ofnotzung vun den Infrastrukturen, wéi zB. Stroossen an Tankstellen)?

4. Huet d'Regierung weider neier Studien no der vum Professer Ewringmann an Optrag ginn, fir d'Situatioun vum Tanktourismus hei am Land weider z'evaluéieren? Wa jo, wéi eng Studie waren dëst?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député